

FAUSTINA

P e r s o u n e n

1. Faustina, Universit tsstudentin
 2. Hir Mamm
 3. Christopha, hir M d
 4. Hire Schutzengel
 5. Satana, Luzifers Schwester (Athene)
 6. Mephisto, " Vertrieder
 7. Fitzliputzli, klengen Deiwel
 8. Astarot, "
 9. Asmodi, "
 10. Auerhahn, "
 11. Salome, eng Verdanten
 12. d'Herzogin vu Parma
 13. Margaretha, hir Duechter
Athene (Satana)
-

I. A K T

(An der HELL. - D'Mauerens: deischterroust durchflamt - en Troun an der Mett. D'Wollefsschlucht als Hannergrond mat Flamen driver)

Déi 4 Deiwelen sprangen an tröllen durchernén a leieren oder sangen - an der Hand e Bengel, e Biesem, e Schrakker, e Gräf mat enger elektrescher Lamp an durchsichtigem Pabeier dru gebonnen.

4 Deiwelen: Verféiert Menschenéilen
An den Hellendümpel stoussen
-Se drecken a joen
Se zwecken a ploen
Dat ass Deiwelsfréd, juchhé
Verkirzt eis d'Ewegkét, jucjhé.

Wat nach gudd ass an der Welt
Dat wölle mir verdirwen
Wat weiss ass, muss schwarz gin
Chaos an Durchernén
Brenge de Krich eis op d'Bén
Juchhé, ass dat eng Pleséier
Fir an dem Dreck dann ze réieren

Mephisto: (vu rechts - an der rechter Hand eng Hondsbâtsch, an der lenker e Ruder) Groussmeiler dir, halt stöll. - Lidderhânesse sid der all.

Deiwele: (grommelen)

Mephisto: Halt stöll. Ké Widdersproch. Fört mat iech. (klackt mat der Bâtsch)

Deiwelen: Huh, Huh, Mephisto. Net emol e klenge Spâss kanns du eis vergonnen.

Mephisto: Roueg. D'Fürstin aus der Hell könnt.

Satana: (dämonesch schéin) Wat gét hei vir? Muss ech de Luzifer ruffen, fir Uerdnung za machen?

Deiwelen: (zidderen a knixen) Mir - mir follechen (of)

Satana: (riffit hinnen no) Dat mengen ech och. Meng Strofe si gelënt, mat Luzifers Roserei gemiess, wann en als Richter durch d'Hell firt. - Wat get neis, Mephisto?

Mephisto: Madame, ech hun eng Klô. Kuckt dat Rufder elei. Charon huet et ewech geworf. Hie wöllt den Nâchen net méi lenken. Keng grouss Séil kritt hie méi vum Erderand bei eis ze féieren. Hei ans do ass et eng arme kleng Séilchen, déi sech an seng Deiwelskâr verirrt. - O Herrin! Op der Welt regéiert den E'wegen - de grouse Gott - an eidel bleiwt eis Hell. An all dénen neie gebaute Gemacher ass nach net eng éneg Séil.

Satana: Dat verstin ech net.

Mephisto: Déi domm Deiwelen si Schold drun. Si dreiwén enner sech de Spunnes an der Hell, aplâtz op der Welt Séilen ze fänken.

Satana: D'Hell eidel - den Himmel voll - dat mecht mech rosen,...Wat ass do ze man?

Mephisto: Scheckt d'Deiwelen no alle Seiten aus. Si sollen an Härz an Hiren vun alle Mönchen sech erastielen, bis Krich a Pescht d'ganz Welt vergöft.

Satana: D'stömmt, Mephisto. Eng ganz Arméi vun Deiwelen gi lass geloss. Déi schéin a chröschtlech Welt muss meng gin.

Mephisto: A wat befielt d'Madame mir?

Satana: Mach du dech un eng Fraeséil erun, déi grouss a furchtlos no de Stäre greift, déier also d'Welt ze kleng ass.

Mephisto: Ah, ech verstin. Sie soll héich an d'Lucht, fir dann déif erof ze falen.

Satana: D'Fra ass d'Härz vun der Welt, mei 'rönd. Vum Härz géht Kräft a Gesondhét aus zu alle Glidder. Verdierf d'Fra an d'ganzt Welt verdierft.

Mephisto: Ha, ech wés eng - eng ganz apârt - voll Spritt ewéi soss keng méi gött - Faustina héscht se, dem groussen Dr.Faust seng Schwester, e Modell fir d'ganzt Geschlecht.

Satana: Breng se zu Fall. Du solls dén eschten gin vu Satans Dengerschaft. Ech hassen alles, wat Licht an d'Donkelt bringe wöllt. An der Deischtert vu stolzem Onglâf soll d'Welt dem Deiwel zoufallen.

Mephisto: Ech versprieche all meng Hellekraft anzesetzen, fir den Opdrag ze erfüllen, mat dém dir, Fürstin mech beéiert.

Satana: (setzt sech op den Troun) A nu ruff deng 4 Gesellen erem.

Mephisto: (no lenks) Fitzliputzli, Asmodi, Astarot an Auezhahn erbei, erbei, Satana, är Herrin rifft.

4 Deiwelen: (trellen eran, mat bosseg Verneigungen)
Wat kommandéiert d'Madame?

Satana: Da lauschttert. Charon huet keng Arbecht méi. - Dir musst op d'Welt. Mir können net zoullossen, dass dé schéine Planet erem zum Paradeis soll gin, well alles lämmerchesfromm Jesum Christum huldegt. Réiert iech, dir Deiwelen. Lang genug war der faul. Faulhét ass der Dout. Satans Reich muss herrschen op der Welt.

Deiwelen: 1. Dir sollt mat eis zefridden sin.

2. Mir nöschelen eis an d'Séilen eran wéi de Wurm an d'Äppel.

3. Mir wällen a stöppelen, beissen a bedrecken, bis se léien a stielen, fluchen an sech hassen, wéi mir.

4. Streiden a râwen a muerden sollen déi Onglecksmenschen, déi eis an hir Séil era lossen.

Mephisto: Ech gin op d'Juegt nom Edelwellä, dat zou de Wolleke strieft, a reisen et erof an de fwiere Grond.

Satana: (ganz dämonesch) Fort dann, fort. Vergeft a verpescht d'ganzt Welt, bis Krich a Brand en Enn da bringt, an d'Hell opföllt.

R I D E A U

2. A K T

(E Stodéierzemmer - Bichergestell - Bicher - en Dösch an der Mett mat Bicher)

Faustina: (liest) Nemo sua contentus est ... (kuckt op) Ah, kén ass mat sengem Stand zefridden. Do kenken ech schon, Wéi blöd. Dat ass dach kloer, dat brauch ké mer ze beweisen an d'ass net néideg Foliante voll driwer ze schreiwen. - Den Héschemann wir gär Bauer, de Bauer e Bierger, den Birger en Edelmann, den Edelmann e Fürst, de Fürst e Kinnek.

Mephisto: (am Hannergrond zur Lenken vu Faustina) An du, Faustina?

Faustina: (sprengt op) Ah, ech hun es sât an decke Schoulbicher ze liesen. An iwerhapt. Ech kennt dach selwer esou Wälzer schreiwen. Déer elo sin ech sat, bis iwer den Hals. Wat hun ech stodéiert? Juristerei - Medezin a Philosophie. - Alles neischt. Wat ech méi stodéieren a sichen a fuerschen, wat mei Géscht nemmen méi Duscht verspiert. Ech hat gehofft, d'Gotteswössenschaft géif mein Duscht stöllen. Emsoss - Emsoss - Wou ass d'Wourecht?

- Schutzengel: (rechts, ouni sech ze weisen) D'Wourecht ass beim Herrgott.
- Faustina: Wou kommen déi Stömmen hir? Sin se elei a menger Broscht? - Sötzt der elo am âlen Holz? - Bei aller Sehnsucht hun ech Gott nach net fond.
- Schutz: Wells du en um falsche Wé gesicht hues. Der Demut eleng offenbart den Herrgott sech.
- Faustina: Demut passt net fir e Framönsch, wéi ech ént sin. Ech ka mech roueg mat de Männer miessen. Demut - hahaha, déi mecht d'Séile kleng. Meng Séil déi greift no de Stären.
- Mephisto: Gutt gesot, Faustina.
- Faustina: Ha, Déi Stömmen. (kuckt rondöm an an d'Lucht) Si Géschter hei, déi menger spotten wöllen? Dass sie et wessen: keng Zoustömmung a ké Widersproch ka mech beirren. Ech gi mein égene Wé - a léisst Gott sech net vu mir fannen da probéieren ech et mat der schwarzer Konscht - durch Erd a Wolleke muss ech gesin.
- Schutzeng: Onglecklech gös de, Faustina
- Mephisto: Fréd göt dat, Faustina
- Faustina: Könnt ech da: elo gleich mat engem Zauberwuert déi zwé Géschter entlarven - meng Séilegkét géif ech dröm (et klappt, lenks) Wié klappt? - Entrez.
- Christopha: O Joffer, e Student ass dobaussen. Hie frétt Audienz, well e wichtiges mat iech ze schwätzen hätt.
- Faustina: Mat mir? e Student? - féier en eran.
- Christopha: (verneigt sech - of)
- Faustina: E Student? - Wir et méiglech? - Hun ech dann net hönt gedrémt en Deiwel hätt mir eng Nouvelle bruecht.
- Christopha: (mat engem ganz decke Buch) Dé jongen Här ass verdufft, over dat Buch elei huet en hannerlöss.
- Faustina: (höllt d'Buch) Dat Buch do? - (kuckt den Titel)
- Christopha: Net emol, wéi schwéier. Ech konnt et bal net schléfen.
- Faustina: (schrecklech opgerégt) Setz et eluer - Wat soll nemmen dra sin?
- Christopha: Dir musst kucken - hu, mech grujelt schon den Titel.
- Faustina: Géi aus an hal de Mond.
- Christopha: Ech sin trei, wéi Gold (of)
- Faustina: Ech kréien et mat der Angscht ----dat Buch ----wien huet et bruecht? - E vun déne Géschter? - Wellechen? ---Net feig gin, Faustina. Gréif zou a lies ---Vileicht mechs de dei Gleck (hölt et a liest) "Der Schlüssel zur SchwarzKunst". "Clowis Astarti de Magica". Mei Wonsch a mei Begier sin erfüllt. Mei Wössen a meng Muecht wuessen ele bis an d'Reih vun de Géschter eran.
- Schutzengel: Halt, halt, Faustina.
- Faustina: Ech kann net zreck - ech wöll och net - den E'ergeiz reisst mech fort. Den Urgrond well ech erfurschen an herrschen iwer all Géschter. - Erbei, mein Zauberkrés, dén ech a göschtger StäreStonn fabriziert hun, lé dech schéin rondöm den Dösch, em d'Buch a mech. (et lét all aner Bicher ewech, brét de Krés aus festem Pobeier op de Buddem an tritt an de Krés. "Scho spiren ech Strahlen, déi vum Zauberbuch op mech an durch mech bis un de Krés, an vun dem Krés durchernén schaffen a wirken.
- Schutzengel: (erschent am Eck, magesch belicht, mat flehenden Hänn) Du hoffts ze herrschen - du göss beherrscht - Et ass nach Zeit - zerreis de Krés a seng Zauberstrek (of)

Faustina: Huh, et ass ze spéit. Scho reisst den Zauber mech mat Gewalt hin zum Buch.

Engelstëm: Weh dir, Faustina.

Faustina: (schléit d'Buch op) Blötz an Donner
Dir Géschter aus der Hall
héiert op meng Stömm
Emol drei ass drei,
Dreimol drei ass neng,
D'Dreizuel ass dé mächtigste Gebieter
D'Nengzuel ass seng Dengerschäft
Hell rösel dech (Donner)
Schett aus deng Fürsten aus der Nengzuel
Dass se dengen nun och mir
Beim Styx, erbei mat iech.

(Donkelhét - Blötz an Donner - Surren - ssssssss - rrrrrrrr - donkel rout Licht)

Deiwelen: (aus 4 Ecken sprangen se an de Krés) Hei si mer, Méschtesch.

Faustina: (erschreckt) Wat schrecklech Gestalten. Zreck, dohin, wou der hir kommt.

Deiwelen: (sprangen zreck) Op Kommando. Mir kommen, iech ze dengen.

Faustina: Halt. Stitt, emgedréit (machen et) Eng Fro wöll ech beäntwert hun (hölt e Bengel an d'Hand) Du do, zou menger Rechten. Komm hir. Wéi héschs du?

Asmodi: (mat grouss Schreck an de Krés) Asmodi ass mein Numm.

Faustina: Wat kanns de? Wéi flenk bass de?

Asmodi: Ech kreichén wéi e Schléck iwer d'Bröch

Faustina: Mach dech ewech, miserabelen Deiwel. D'Faulhét stenkt, an ass den Ufank vum Laster.

Asmodi: Huh, Huh, mech wöllt se net.

Faustina: An du do, an dém aneren Eck, wéi nenns du dech?

Auerhahn: Ech héschen Auerhunn

Faustina: Wéi flenk bass du?

Auerhunn: Ech flitzen ewech wéi e Pfeil aus dem Bou.

Faustina: Dat ass mer net schnell genug. Ech wöll de Blötz a mengen Hänn halen. Verschwann, lästege Kärel.

Auerhunn: Huh, huh, huh, huh. Wat kréien ech der vum Satan gekrâcht.

Faustina: An dô dé klenge Buschtegen. Wié bass du?

Fitzlibutzli: (Flattert op se zou) Fitzlibutzeli (3 mol) ech ka fléien wéi de schnellste Vull.

Faustina: Fléie können ass eppes wert, hm, hm - (bedenkt sech) Nén, nén, et ass mer net genug. (streng) Fitzlibutzeli, verschwann.

Fitzlibut: Net genug? Satan brennt mech (hault ganz hart)

Faustina: An du, dé leschten?

Astarot: Se ruffe mech Astarot. Wéi dâ Sturm brausen ech durch d'Lucht.

Faustina: Gut, très bien. très bien---Mais mengem flenke Géscht nach net flenk genug. Hut der soss ké flenkeren an der Hell?

Astarât: Dach, de Mephistopheles

Faustina: Bregg en hir.

- Astarot: Dat kann ech net. Hien ass Méschter iwer mech. Hien ass aus der eschter Kathégorie. Du muss hie selwer ruffen.
- Faustina: Fort mat dir.
- Astarot: (rennt fort anner Sturmgeheul)
- Faustina: (Brét d'Hänn aus a rífft hårt) Dech, Mephistopheles, beschwieren ech - ech Faustina. Erscheng a mengem Krés, fir mer Ried ze stoen. Kore ipso Loisant et Dortam, Bolaimy Acum Coelum. Qui avitit Sanvas Amemisch. Mephisto komm.
(Heftegen Donner, deischer, drop rout Licht, Mephisto rout Kléd - roude Mantel, rouden Hut mat Fieder)
- Mephisto: (tret an)
- Faustina: E feine jongen Här. Dat déb mech lachen. Du solls en Deiwel sin aus der Hell?
- Mephisto: (sech verneigend) En aus der Fürstenschar. Ech hun Gewalt a jidder Gestalt ze kommen, wéis du et gären häss.
- Faustina: An du bass de Mephistopheles?
- Mephisto: Dé sin ech.
- Faustina: E schéinen Numm. Du gefälls mer. A wéi schnell bass du?
- Mephisto: Wéi e Gedanken.
- Faustina: An engem Ableck könnt ech also mat dir an Asien, Afrika an um Nordpol sin? Du gefälls mer. Dech wöll ech a mein Dengscht huelen.
- Mephisto: Duerzou muss d'ganz Hell awöllegen.
- Faustina: Fangst un ze handelen? Wanns du mir mei ganzt Liewen lang dengs, wöll ech nom Dout och bei dir bleiwen.
- Mephisto: (beiseiten) Sie fenkt Feier.
- Faustina: So, obs de wölls.
- Mephisto: Ob d'Hellefürstin, dem Luzifer seng Schwester wöllt, muss de froen.
- Faustina: Eh bien, flenk op d'Bén a fro.
- Mephisto: Em 12 Auer, Hallefnuecht sin ech erem.
- Faustina: Vade, male Spiritus.
- Mephisto: Au revoir, à minuit (verneigt sech - ef)
- Faustina: Hallefnuecht. Ass dat net geféierlech?.....jé, jé---mei Géscht ass stark genug, sech enges Deiwels se entlédegen. E soll vu Fréd zu Fréd mech féieren - an am Enn dréien ech em eng lang Nues. (lenks of)
-
- Mamm: (vu rechts) Hei also liewt meng grouss berihmt Duechter, weit a brét bekannt. All Kand kennt hiren Numm. Mei Mammenhierz over ass net frou (kuckt rondöm d'Mauern) Net én hellegt Bild - net emol dat klengst Kreizelchen am Arbechtszömmen. - Soll et wouer sin, wat d'Leit schwätzen?- (geseit de Krés) Oh - ah - elei dé Krés vun Deiwelspatten. Herrgott mir gött et Angscht - (rífft) Faustina.
- Faustina: Wíé rífft? - Dir sídd et Mamm?
- Mamm: Jo, ech mei Kand. Mei léift, léift Kand.
- Faustina: (kâl) A wien, a wat huet iech heihin geféiert?
- Mamm: Mein Härz, mei Kand. Kén aneren wéi mein Härz huet ugehalen, gebiedelt a gedriwen bis meng âl Féiss sech op de Wé gin hun
- Faustina: Wat mengt dir?

Mamm: Ech mengen, et wir dach emmer gudd, wann eng Mamm no hirer Duechter mol géif kucken, wann déi och nach esou berühmt wir. Sie bleiwt hirt Kand. (angschtväll) Déi Zéchen elei? (weist op de Buedem - op d'Wänn) Ké Bild vun der Muttergottes, ké Kreizerfex - ech hat der se dach esou gudd agepakt, wéis de fortgange bass.

Faustina: Jo....ech wés.....over déi al Biller kann ech hei net gebrauchen. Dat ass haut ké Moud méi.....Meng al Mod huet se, mengen ech, am Niewenzömer opgehungen. Komm loss mer kucke ghen---(Zur Seit) Hei darf se net bleiwen.---

Mamm: Et wés net, wou déi al Biller hanken. Mir woren se e Steck vum Härz.

Faustina: An déi al Mod, déi der mer mat gin hat, ass vir e puer Méint gestuerwen. Ech hun elo eng jong ,...e léift Kand.

Mamm: (traureg) D'Margréit ass gestuerwen?

Faustina: Kommt, kommt (2 of)

Christ: (lust zur âner Seit eran, dann trett et eran) Déi al Frâ huet sech einfach bei mir eragedränk - d'Jeffer wir hir Duechter, sot se. Wât sollt ech do mân? An elo féiert d'Jeffer se, wéi ech elei héieren hun, an hir Stuff, op déer anrer Seit vum Gank. - Dat alt Haus elei könnt é gruschen - ech mengen, et wiren Géschter hei dran (geseit de Krés - streckt den Hals) Wéi - Wat sin dat fir Zéchen? (sprengt virsehteg an de Krés bei d'Buch) Grauseg. Dat Wonnerbuch mat sengen Hirogliffen. Soll ech dfa liesen können? - d'werd mer secher neischt schueden. (biedert am Buch) - t'werd én dach d'Fangeren net verbrennen, oder se schwarz kréien (kuckt se) Wat sin do fir Schnirkel, Schnorkel? - Hm. Wat hei.... loss mer kucken, dat kann ech secher buschtavéieren. - K - a = Ka Bu - bu - Katzpudel? Wat ass dat fir en drolegt Déier? V - en ---ah, Feuerzeug - - Per - per - like - - Perlike - -Wât e Quatsch.

4 Deiwel. (beim 1.Perlike eran, an déi 4 Eoken) - beim widerhoulten Perlike jäh virun de Krés hannert Christoph a - mat bucklegen Verneigungen a Grimassen)

Christ: (geseit se net a fiert fort) P - e - r - Perl - a - cke - Perlacke

4 Deiwel: (Verschwannen sausend) sssssssssssssssssss

Christ: (dréit sech em) sssssss Wien erlabt sech dat hei? ssssss ass dat vielleicht en Echo aus dem Buch? Oder sollen et Géschter sin? Wat leit mir drun. Ech lise virun, bis ech dénen Häre Géschter hir Schreck héieren -----Perlike----

4 Deiwel: (erem do) Brrrrrrrrrrrrrr

Christ: Brrrrrrrrrr (Dréit sech om a bleiwt, An a Mond op, en Ablek mat eppes erhuewenen Hänn ston) Der dausend nach emol. Wât wölls du, Schäschtgebotzer dann?

4 Deiwel: Komm hir, Schätzchen, mir wellen dir eppes soen.

Christ: Dir spillt gär "Mäuschen komm heraus" - Dir sidd mer vill ze dreckeg (mecht e Knix) Wié Pech upackt, bleiwt drun henken. Wié sit Dir, dir 4 Rotzbouwen?

4 Deiwel: Mir sin Deiwelen (én nom aneren knixt, weist mam Fanger op sech a sét sein Numm) Astarot, Asmodi, Fitzliputzli, Auerhunn.

Christ: (grad esou) Christophora - Da wösse mer jo elo wié mer sin. A wat wellen déi Hären?

4 Deiwel: (machen d'Zerreissen no, ganz wöll) Mir wöllen dech zerreißen.

Christ: E fromme Wonsch. Et könnt mer bal Angscht gin. Wuerfir dongt der et dann net?

- 4 Deiwel: Kuck dé Krés elei. Mir können net dran.
- Christ: Ei, wéi fein. Da man ech mer et elo gemittlech hei, bis et iech gefällt erem an d'Hell ze tröllen (setzt sech)
- 4 Deiwel: Hu, hu. Mir bleiwen hei (hecken sech an hir Ecker)
- Christ: Kéim dach d'Joffer Faustina erem. Da loss mech zum Zeitverdreif an zur Ofwiesslung mol eröm opstoen.
- 4 Deiwel: A mir och (sprangen erem bei de Krés)
- Christ: Dajé - Ech sötze mech erem.
- 4 Deiwel: (plumpsen erem nidder)
- Christ: Dat ass löschtég. Auf - ab, auf - ab, auf - ab.....Ah, dat get mers æwer bal genug (dréit sech zum Buch)
- 4 Deiwel: (kerzerficht stoen)
- Christ: Wéi héscht schon dat Marschwuert. Aha - Perkake -
- Deiwel: (fort) Brrrrrrrr r
- Christ: (dréit sech öm) Wät? - Brrrrrrrrrr (verduzt) Wou sin se ewell, déi löschtég Gesellen. Elei gét mir e Licht op. Hahaha, déi Hären Deiwelen musse mir paréieren, abé, hoppla: Perlicke
- Deiwele: (kommen) Brrrrrrrrrrrrrr
- Christ: Hahahahaha. Dä hun ech iech Männercher sou richtig am Gengelbond. Aaa dat kostbart Buch (kuckt dran)
- Deiwele: (jeitzen) Net méi dra lisen.
- Christ: Et ass dach e feine Späss - Perlake
- Deiwele: (fort) Brrrrrrrrrrrr
- Christ: Perlicke
- Deiwele: (zreck) Brrrrrrrrrrrr
- Christ: Hahahahaha, Perlacke
- Deiwele: (fort)
- Christ: Perlicke
- Deiwele: (zreck)
- Faustina: Wat ass hei lass? (trött an de Krés) Agape, male, Spiritus, Perlacke
- Deiwelen: (heulend fort)
- Faustina: (zu Christopha, die sich angstvoll beide Wangen hält, weil sie Ohrfeigen erwartet) Wat ennerstést du dech? Loscht hätt ech, dech den Deiwelen nozeschecken (reisst et stramm aus dem Krés)
- Christ: Verzeit Joffer
- Faustina: Wät e Gesicht. Du dés mech lachen. Et schengt, du hues méi Angscht viru mir wéi virun den Deiwelen.
- Christ: Muss ech dann net? - Déi domm Deiwelen danzen wéi ech peifen. A fir mech ass bei Iech d'Affär emgedréit. Ech muss gestoen, dass ech iech an d'Handwierk gepfuscht hun.
- Faustina: Probéier et net méi. - Nie méi.
- Christ: Ech werd follegen.
- Faustina: Scho gudd. Géi kuck no déer Fra, déi komm ass. Over verrot mech net. Ech well haut net méi gestéiert gin. Verstanen?
- Christ: Dir kennt iech op mech verlossen, Joffer (of)
- Faustina: Eleng, endlech eleng (tret an de Krés)

D'Auer schléit: 1 - 2 - 3 - 4 - 5 - 6 - 7 - 8 - 9 - 10 - 11 - 12

- Faustina: Halefnuecht, Mephisto komm
- Mephisto: A welcher Gestalt?
- Faustina: (lues) Schon do (fest) An déer viregter.
- Mephisto: (lächelnd) Du hues mech geruff. Ech si berét - d'Sach ass an der Reih, mir können de Pakt schléissen.
- Faustina: O net esou vif. Kannst du mir verspriechech mein E'eren a Frédenhongerrecht Härz mat Wourecht - Wössenschaft - a Gleck ze bñfriddegen?
- Mephisto: Madame, edh féieren iech vu Genoss zu Genoss. D'Ganz Welt stét iech op. Befriddegt iech.
- Faustina: Et sief. - Du dengs mer mei ganzt Liewen, bis mir d'Ae zoufalen.
- Mephisto: (lauernd) An dann?
- Faustina: Da kanns de mat mengem Kapp Kéle spillen a meng Aeschen an ñe Wand stréen.
- Mephisto: (lauernd) An Er Séil?
- Faustina: Wann se wirklech dann nach liewt, gehéiert se zu dir, wéis du am Liewen zou mir gehéiert hues.
- Mephisto: E Wuert?
- Faustina: E Wuert.
- Mephisto: Matt Blut besigelt? - Hei kuckt - ech hun de Kontrakt ferdeg matbruecht (lét d'Roll ausernén) Et félt nemmen d'Oennerschreft.
- Faustina: Wuerfir déi mat Blut?
- Mephisto: Well d'Blut esou fest klieft, dass de dermat verbonnen Déler sech net méi léisen.
- Faustina: Et sief dann - ower wou huelen ech et hier?
- Mephisto: Neischt ass mir onméiglech. (helt hiren Arm a bléist drop) Do sin d'Dröpsen schon.
- Faustina: Wéi get et mir? Déi Dröpsen formen zwé Buschtawen H an F. Wat héscht dat?
- Schutzengelstömm: Hemo Fuge, Mensch entfliehe.
- Mephisto: (dréit sech öm, ouni den Arm goen ze lossen) Mein Doudfeind ass dat.
- Faustina: Mensch entflieh?
- Mephisto: Jo - Mensch entfliehe - aus dem Ordinären an dat Iwermönschlecht da bass de wats de solls sin, ganz Mönsch, frei vun alle Schranken, du bass Gott.
- Faustina: Ech ennerschreiwen. Eng Fieder.
- Mephisto: (zéit eng Fieder aus sengem Hut)
- Faustina: Gef hir.
- Engelsstömm: Halt Faustina, Halt
- Mephisto: (fir sech) Satana, höllef (Blötz an Donner)
- Faustina: Wat en Hellespektakel!
- Satana: (Stömm) Mönsch, du ges wéi Gott.
- Faustina: (ennerschreiw) Et ass geschitt. (werft d'Fieder ewech, Mephisto réft se op)
- Engelsstömm: Faustina, du bass verluer.
- Mephisto: Madame befielt. Wuer soll mein Zaubermantel iech brengen? No Indien, no Ceylon, no Afrika, no Australien?

- Faustina: Ech wensche mech an e Fürstenpalast.
- Mephisto: Eh bien. Am Fürstenhaus Parma get elo wochelang e grousst Fest gefeiert. Der Fürstin hir énzeg Duechter trett an d'Welt eran. Da kommen Herzigen a Grofen an Edelleit - Dichter, Könschtler a Sängere an engem Stro'm zesummen.
- Faustina: Dur gehéieren ech, ech wöll dohin. Grouss well ech sin, wann och arm gebueren. D'Welt wöll ech genéissen bis mer d'Aen zoufalen.
- Mephisto: (schléit de roude Mantel em et a left den Hut)
- Faustina: O, dò gesin ech Parmas bléiend Ufer schon. (zesummen mat grousse Schreck of)
- Schutzengel: (erschengt am hellen Licht - schwätzt hard an traureg)
- Den Deiwel hues du dir zur Rés erkuer
Weh dir, Faustina, du bass verluer
Wann net der Mamm hir bludeg Tréinen,
Affer a Gebiet rem Gott verséinen.

R I D E A U

3. A K T

Park - lenks eng Benk

(Herzogin, Margareta a Mephisto am Gespräch matenén, kommen vu rechts)

- Margareta: (Zu Mephisto) Ja, ech géif eppes drem, wann ech wesst, wien eigentlech déi schéin Fürstin ass.
- Mephisto: Genügt et iech het, dass se Johanna héscht?
- Margareta: Wat ass en Numm? - E Schall - eng Wöllekchen Tubaksdamp. Wou se hir wir - a wellechem Palast hir Wéi stung - dat wesst ech gären.
- Herzogin: (éscht) Et soll der genug sin, dass d'Fürstin Johanna bei dir ass an eist Fest erhiewt mat hirer Persoun, hirer Wessenschaft, déi wirklech wonnerbar ass, a richtig Wonner wirkt- esou onbegreiflech, dass et engem bal onhémlech get.
- Mephisto: Onhémlech? Wu r'fir, léif Herzogin. Wann e Mönsch Konscht besetzt, Onbegreiflech ze léschten, da muss én doraus schléissen, dass en héiere Géscht him d'Muecht derzou gin huet.
- Herzogin: Welleche Géscht? - wellech Muecht?
- Mephisto: (ried zugleich virun) Ass et net esou, Prinzessin Margareta?
- Margareta: O gewöss. Esou eng Fra gesöch ech nach nie.
- Mephisto: Mamma Herzogin awer secher schon?
- Herzogin: D'Jugend schwemmt emmer an de Wolleken a sicht am Niwel en onsechert Glect.
- Margareta: O Mamma, net béis gin. Ower ech muss soen ewéi et ass. Esou eng Persoun huet den Haf vu Parma nach net zu senge Gäscht konnt zielen. Wéi harrlech hire Bleck, hier Ried, hire Marsch. Ech fille mech kleng géint hir an ech denken, sie géif besser op Parmas Troun passen, wéi ech.
- Herzogin: (ganz erregt) Du bass (méi roueg) e Kand.
- Margareta: (ganz léiw) Net grad méi, Mama. Dir hut mech jo fir groussjähreg erklärt.

- Mephisto: Wéi dat mech fréit, dass är Duechter esou ageholl ass vu menger Fürstin.
- Herzogin: (Kill) Johanna zaubert net nemmen virun den Aen - sie zaubert sech och an d'Härzer eran. - Ech gin elo zreck an d'Schlass, ech gin de erwart vu Gäscht.
- Margareta: Ech komme gleich no. Ech pleken nach e puer Rousen fir d'Johanna.
- Herzogin: (béis) Johanna, emmer erem Johanna (of)
- Mephisto: (hannert hir no) Eifersucht ass eng Leidenschaft, déi mat Eifer sicht, wat Leiden schafft (of)
- Margareta: (pleckt Rousen) D'Mamma schengt opgerégt ze sin. Wéi kann se nemmen. Esou eng herrlech Kreatur wéi d'Johanna muss én dach gären hun. Rouse géif ech er gär de Wé voll stréen. - Des nach - vielleicht stecht d'Johanna se an hir Zentur. Ech dreken e Kuss nach drop.
(Firchterlecht Surren)
- Margareta: Wât ass dât? Ha, do fléit en Ongsheier. Ech verstoppe mech hannert e Bâm.
- Christ: (hannert der Bühn) Hé, halt. Du schrecklecht Flilekspärd, ech falen erof. (Purzelt taumelnd eran)
- Margareta: (lust) Wat get dât?
- Christ: Wou sin ech hei?
- Astarot: (kennt no) Sidd der glecklech ukomm, Joffer? (dat sét en mat komescher Verneigung)
- Christ: O mei, elo kommen ech erem zou mir. Elo bass de erem e vernünftigen Deiwel - ower éinescht - hallel Pärd an hallel Drach mat Flilekken - o mei, Hätt ech net no menger Méschtesch verlangert, ech hätt mech fir esou eng Loftrés bedankt. Mais...elo mach dech séier ewech. - Et durf kén dech hei gesin - esou e Struwelpéiter gehéiert net an e Schlass.
- Astarot: A wann d'Joffer dann erem gär hémfuere géif?
- Christ: Ech mengen d'Joffer Faustina léisst mech net fortgoen.
- Astarot: A wann dach?
- Christ: (lacht) Da ruffen ech: Perlike, komm Astarot, - an elo soen ech: Perlake
- Astarot: Sssssssssss - vergiess net, dass de mir versprach hues, den Numm vum Faustina kengem ze verroden.
- Christ: (riff em no) Wéi sollt ech - ech ka schweigen wéi der Dout. (fir sech) Dén hält och alt eis Fraleit fir elauter Mauleschen.--- Aha, hei ass et herrlech. Hei gefällt et mir. Déi schéi Blumen, déi reng Loft, An do, - der dausend nach emol, wat eng schéi Joffer!
- Margareta: (könnt hannert dem Bam eraus) Wou könns du hir? Wie bass du?
- Christ: Dat könnt ech wuel mat gleichem Recht och froen.
- Margareta: Ech sin déi jong Landesfürstin.
- Christ: An ech sin dem Faustina sei Faktotum, dat héscht, d'Médchen fir alles.
- Margareta: Wien ass dat, Faustina?
- Christ: Kennt dir se net? Déi schéin hech a stolz Persoun? Git mer ewech - ech wéss et dach, sie ass jo hei am Schlass zu Parma - déi grouss Zauberin-
- Margareta: Déi héscht Johanna.
- Christ: Vielleicht ass dat op italienesch iwersat.
- Margareta: An du bass hirt Dengschtmédchen. - O, wéi herrlech - Komm setz dech hir bei mech an erziel mir vun hir. (setzen sech) Dat gleicht hir, fir hirt Médchen op engem Pärd mat Flilekken durch d'Loft kommen ze lossen.

- Christ: (verdutzt) Sie hat mech net geruff. Ech si ganz vum selwe komm, well ech no hir verlangert hun.
- Margareta: Dat kann ech verstoen. Vu wou ass se?
- Christ: Aus Deitschlands grousser Stât. Dir kennt dach secher Leipzig. - Dat ass e klenkt Pareis - A seng grouss Schoul, d'Universitêit ass berühmt wêi keng aner op der Welt. Faustina over ass déi gréisst geléiert, déi hechstberühmte Fra vun der Welt - an deser Stadt.
- Herzogin: Wou bleiws du esou lang, Margareta?
- Margareta: Mamma, héier emol. Johanna héscht an Deitschland Faustina. Sie ass iverall mat dém Numm bekannt.
- Herzogin: Wêi, Faustina? Déi grouss geléiert Fra, déi a leschter Zeit, wêi gesot get, der schwarzer Konscht sech verschriwen huet?
- Christ: Dat ass net esou schlömm, Madame Fürstin. E böschen Zauber ass keng schwarz Konscht.
- Herzogin: Stamt se aus engem grössen Haus?
- Christ: Hm.....hir Mamm ass eng einfach Fra an engem Duerf. Sie könt dem geléierte Kand net no, a sie fârt et géif am Enn nach de Glaw verléieren.
- Margareta: (scharf) Dat ass gewöss net wouer. A wann et de Fall wir, da rifft Gott se nach zur Zeit rem zreck.
- Herzogin: (nodenklech) Hei mecht se, wêi wann se vu Fürste géif ofstamen.
- Christ: O Schrecken, ech hätt jo dat net solle soen.
- Herzogin: Wat?
- Christ: Dass - - - - (schléit sech op de Mond)
- Margareta: Ech si frou, dass du eis et gesot hues. Kuck elo könnt se.
- Faustina: (a grousser Toilette, Mantel, Diadem, mat Mephisto am Gespräch)
- Christ: (frédeg) O Herrin. Wat hun ech verlangert. (knéit)
- Faustina: Wie bass du? Ech kennen dech net.
- Christ: Dir kennt mech net, Faustina?
- Mephisto: Déi ass verreckt - Géi zreck, wous de hir bass kommt.
- Margareta: Sie kann net, sie ass durch d'Lucht komm.
- Faustina: Da fléi erem durch d'Lucht zreck.
- Christ: O Herrin, Herrin
- Herzogin: Loss mir gon, Margareta. Hei si mir net néideg. (stolz a béis fort - Margareta zögernd - kuckt nach em)
- Faustina: Du verreckten Efalt. Ech hat dech net geruff - Mein Numm hues du verroden - an nach alles soss geplappert hé? - Ech entlossen dech aus mengem Dengscht.
- Christ: O Herrin, wat soll dann aus mir gin?
- Faustina: Wat leit mir drun - Nuetswichter alt. Nu pâck dech fort.
- Mephisto: Perlike, Astarot (Surren)
- Christ: Adieu Faustina. Gott behitt iech (heulend of)
- Faustina: Der Deiwel net nach. Elo héscht et dé schlechten Effet bei dénen zwé erem ofzeschwächen.
- Mephisto: Bei déer Aler jo, déi Jong geseit an iech all Engele Gottes. Elo könnt se schon erem. Ech recken hanner déi Al, a wann et muss sin, schwieren ech er op de Knéien, dass dir onschölleg sidd. (of)

Margareta: Ech wollt dir nemmen déi Rousen hei schenken. - Dát armt Médchen, ass et ewell fort? O, so mir nu selwer, wéi ech dech nenne soll.

Faustina: Mei gutt Kand. Wéi deng onschölleg Zong mech och nennt, dén Numm drengt mir durch d'Härz.

Margareta: Bass du d'Faustina?

Faustina: Jo, ech sin et, Margareta. Verstéi - wann ech och dat Médchen net kennen, dat mech erkannt huet, - sou get et déer vill. Ech kennen nemmen d'Wöissenschaft a - wéineg edel Mönnschen, sou wéi dech.

Margareta: An ech bewonne ren dech. Dir ze dengem wär mir dat gréisst Gleck.

Faustina: Du bass bestömmt ze herrschen, net ze dengen.

Margareta: Mat Léift ze dengen, dat ass Fraegleck.

Faustina: Margareta, ech beneiden dech - deng Gesönnung reisst mech fort zou onbekannter Hecht.

Margareta: Nén, bleiw hei. Ouni dech wär et aus hei mat der ganzer Pracht.

Mephisto: Kuké elei, si zwé, wéi se zesummen stin, dat frét mech.

Margareta: (zeit d'Faustina fort) Komm - dén elo hassen ech, an ech gesin net gär, wannssdu mat him gés.

Mephisto: (schnüffelnd) Hm. - Ech richen ...ech richen, dass hei net eises Bleiwens ass. - Déi Al huet eng am Schlau - ech gesin nach net ganz kloer. Mais dat kann se secher sin, dass dé Fuss hei net an d'Fäl léft. (schlendert dénen zwé no, of)

Herzogin: Ech muss et erauskréien, ob et wirklech d'Faustina ass. Dann huet se sech emmert engem falschen Num hei ageschlach. Wuerfir? - Well se herrschsüchtig ass. Sie huet d'Idee, si könnt Herzogin gin a Plätz vu mengem Kand, dat se richtig ze bezaubere wéss. Eng Prouf muss se mer bestoen - ech verlangen e Konschtsteck, dat nemmen d'Hell wirklech léschte kann. A gleckt et, dann ass domatt bewisen, dass d'Johanna d'Faustina ass oder soss eng Hex. - a si drenkt mer den Hexebecher dén an d'Hell se liwert (zeit sech zreck)

Faustina: (kennt mam Margareta gemittlech spaziert)

Margareta: O so mer et dach. Hues de nach Glâw? Hues du Christus gär?

Faustina: Ech hun alles gär, wat schéin a gutt ass, an dat ganz secher vill méi déif a fest, wéi muncherén, dén emmer dervu schwätzt an all Dag an d'Kirch léft. - Nemmen - ech froe mech dat hei: Wéin ass emstand dé groussen Onbekannten ze erkennen, dén 3 mol Héigen, dén d'Welt erschaffen huet? Ech siche bestänneg no him. Him gölt mein Zauberen, d dat ech dreiwen.

Margareta: Ech bieten zur Muttergottes, dass Sie zum rechten Enn dech féiert.

Herzogin: (trettfir) Do sidd der jo, Madame Dokter. Ech mengen d'wir nemmen aus Bescheidenhét, dat der net als Faustina hei wellt oprieden. Ower ech bieten iech, genéiert iech dach net, präsentéiert iech. Kuckt, ech géif z.B. fir d'Soirée vun haut meng fäsch gäb mat eppes Aussergewöhnlichem iwerraschen - an do hun ech un iech an är Konscht geduecht. - Duerf ech froen, ob der meng Offerte wöllt unhuelen, Madame Dokter?

Faustina: (groussarteg héiflech) Gewöss, gewöss, sou weit wéi méiglech. Wat wär gefälleg?

Herzogin: (rasch) En Doudege beschwiren.

Faustina: (stolz) Dat ass net dat schwéierst.

Mephisto: (schlendert eran, zur Seit) Wät fällt iech an?

Herzogin: Da probéiert elo emol hei. Ech muss secher sin, dass mer eis den Owend net blaméieren.

- Faustina: Wéi Durchlaucht wönscht (hémlech zum Mephisto) Mephisto, séier geschafft.
- Mephisto: (röselte de Kapp) Ech färten Ongleck
- Faustina: Du streiks - Allez - Marsch.
- An dér selwechter Zeit
- Margareta: (stét lenks mat der Hetzogin) Mamma, grujelt et dech net?
- H erzogin: Ech well gesin, ob et wirklech d'Faustina ass.
- (Mephisto a Faustina droen d'Bänk no lenks vir op d'Bühn)
- Faustina: Déi Herrschaften sin agelueden sech et bequem ze machen.
(Herzogin a Margareta setzen sech)
- Faustina: A wellech vun den Doudegen wëllt der gesin?
- Herzogin: Salome, d'Duechter vum Herodes soll mer hiren Danz opféieren.
- Margareta: Huh, et gung démols fir de Kapp vum Johannes Baptista
(bedeckt d'Gesicht mat den Hänn an dreckt sech un d'Mamma)
- Faustina: Hokus pokus filiax - Abara katabra - erscheng Salome - Herodesduechter
- danz dei wöllen Danz, déns du verdammt bass, éiweg nun ze danzen.
- Salome: (ganz verschleiert, rout geklét mat schwarzem Voile, danzt ennert Musikbeglédung ganz wöll a géschterhaft)
- Margareta: Entsetzlech muss et sin an der Hall.
- Faustina: (fir sech) De Kannermond ried wouer - an ech hu mech der Hell verschriwen.
- Herzogin: Esou eppes Grauseg - Schéines hat ech nach net gesin (zur Seit) Sie ass eng Hex, sie muss stierwen.
- Faustina: Ech kann och mat méi lichte Spill den Owend Zeit verdreiwen.
- H erzogin: Fir elo huet dir iever dat bescht Glas verdengt, dat mein Haus iech bidde kann - Komm, Margareta, du solls dé Becher danger Fröndin réchen (allen zwé fort)
- Mephisto: (trettt bei d'Faustina) Wat sidd dir en Efalt. Déi Doudeg hätt iech könne mat fort an d'Hell reissen. Mat Feier spillt én net. An dass der et wesst - dir gruewt iech hei ärt Gram: Dé Becher dén se brengt ass vergöft (sprengt fort no rechts)
- Faustina: (kuckt em no) Mephisto!
- Margareta: (vu lenks, mat goldenem Pokal) Faustina, de Pokal stung scho berét. E soll dech stärken no dem Graus. Wou konnt meng Mamm esou eppes begieren.
- Faustina: Litt déi Gesicht, oder wés du net, wats du mir brings?
- Margareta: Wat ech brengen? - Wein fir dech ze stärken.
- Faustina: (dréit mat der Fauscht) Fir mech ze vergöften. An dém Wein ass Geft.
- Margareta: Geft? - Faustina, du irst dech. Bei Gott an allen Hellegen.... (kuckt an de Pokal, richt drun) A wann et wir? ... Nén et ass net méiglech, wann et wier, dann - drenken ech de Becher aus, dass de geseis, dass ech neischt dervu wés - - - an ech stierwe fir dech. (drenkt ir d' Faustina et verhönnere kann)
- Faustina: Wät hues du gemät? Höllef, Mephisto, höllef.
- Margareta: (greift nom Härz) Wéi get et mir - - Fau - sti - na - fir -- dech (fällt dem Faustina an d'Ärm - D'Faustina léisst sech mat him ep de Buedem oder op d'Bänk)

- Mephisto: (geschlenkert, zyrnisch) Do ass neischt ze wöllen. Dät Kand wor sündenlos an ass als Opfer senger onschölleger Léift zu dir gestuerwen. Do ass all Deiwelskraft um Enn. - Du ower kuck, dass de hei fort bass, ir dem Kann seng Mamm könnst.
- Faustina: O Gretchen, du Engel. Bei dir hätt ech vleicht de Fridden fennt!
- Mephisto: Fort, fort, soss bass de verluer.
- Herzogin: (riff) Margareta, wou bleiws de?
- Faustina: (werft sech iwer d'Margareta) Margareta!
- Mephisto: Emsoss, komm, Margareta wor émol. (Tumult hannert der Bühn)
(reisst d'Faustina op d'Bén, schléit de Mantel em a sét) Mat mir, oder op de Schaffott.

R i d e a u

4. A K T

(Frei Platz an enger Stâdt - lenks d'Haus vum Faustina - rechts am Hannergrond e Muttergottesbild teschend de Bém - zur Seit rechts eng Bänk - spéit owends - 3 Studentelidd - d'Hechtercher aus der Stadt)

- Christ: (mat der Lanter an Hellebarde, als Nuetswiechter, vu rechts)
Héiert dir Hären a losst iech son
d'Auer huet elo neng geschlon
Mât d'Feier aus an och är Lucht
Dass ké Brand get an der Nucht

(stéisst mat der Hellebarde op de Buedem a gét bis bei d'Haus vum Faustina, kuckt traureg derlanscht erop)
Dobannen stéieren se sech net u menger Warnung. Wat leit déne Studenten um Nuetswiechter. Mir léig och neischt un hinnen, wann se net menger Herrin Hab a Gut verprasse géiven. Si kuckt scho Jore an Dag no neischt méi. - Hir âl Mamm get de Krém net méschter, dé sech an der Bibliotek a vun do am ganzen Haus agenöschelt huet. An ech - kann nemmen warnen, dréen - emsoss - emsoss wuel. Ma d'frét mech emmer nach fir si ze suergen. (tret an den Hannergrond lenks)
- Mamm: (vu lenks - gesit d'Christoph a net) Et ass e Kreiz - déi schlömm Studenten man alles drop. Mech stoussen se op d'Zeit, verspotte mech, drenken an drenken emmer méi. Schan ass de Keller bal eidel, an elo sollen déi deier Bicher zu Geld gemach gin. Ower dat ass net dat schlömmst. Dén déifste Schmierz fir e Mammenherz ass et, ze wessen, dass hirt Kand an den Abgränd taumelt. O Faustina, kéier em - komm loss mech der nach émol an d'Aen kucken. Vielleicht kennt deng Séil dann erem hém. (werft sech op d'Kneiem virun d'Muttergottesbild) O du Schmerzensmutter höllef mengem arme Kand, et ass jo och deint. A wann ech muss meng Ae schléissen, ouni et erem gesin ze hun, da wöll ech dat leiden fir hat - bitt für uns Sinder, jetzt und in der Stunde unseres Todes (rechts of)
- Christ: Du arm Mamm. Könnst ech der höllefen, ech géif mei Liewen drem (stéisst mam Stâf op de Buedem, jeitzt):
Héiert dir Hären, losst iech son
Eis Auer huet schon negg geschloen
Verlosst de Patt an hält de Mond
Dir kommt alleguer nach op den Hond.
- Stodenten: (dobannen) (Paus - dann) Hallo, Faustina, Faustina, Vive Faustina (roueg)

- Faustina: (könnst aus dem Haus) Dohém - wät ass mir dat Wuert: "Dohém" Er Hauch - en Neischt. D'Weltall sollt mir Hémecht sin - sou hat ech et gewollt - - an elo - - sin ech entwurzelt - e gefälend Blat. - Schlömmer nach wéi dat. Dat Blat huet ké Gefill, a mir over brennt d'Hellefeier - - an emmer méi groussen Duscht nom Sönn vum Liewen pengecht mech.
- Mephisto: (sarkastesch, schméchlesch frech) Ei, meng Gnädeg sicht eleng sech an der fröscher Loft ze ameséieren.
- Faustina: Lästege Kéirel, kann ech dann nie eleng sin.
- Mephisto: Dir hut iech mir dach mat Blut verbonnen.
- Faustina: An a mengem Härz sin ech dach net dein.
- Mephisto: Dat wölle mer gesin.
- Faustina: (béis, stolz) Nach sin ech Méschter - ech liewen dach nach, heh. Schärdech elo eran an ameséier meng jeng Frönn. Dösch op - féier déi bescht Menüen a Gedrenker vir, mat Musek a Konschten. Dösch op - féier vir. Geld hues de jo, wéi Hé.
- Mephisto: Dösch op - féier vir. Geld hues de jo wéi Hé. Wann én net der Deiwel wir, géif én sech gär zum Deiwel wönschen. (of)
- Faustina: (rifft em no) Hätt ech duerfir mech dir verschriwen, dass ech meng Wönsch aschrenke sollt.
- Dobannen: Hallo Faustina, Vive Faustina
- Faustina: Wéi dat mech ékelt. Fort vun hei. Am léifste wir mir, ech wär dout - am Buedem opgeléisst fir eweg. (wéllt no rechts.)
(Mamm, könnst vu rechts. Faustina sprengt an den Hannergrond op eng Bänk, dréit de Reck, verdeckt d'Gesicht)
- Mamm: Et huet eng Onrou mech aus der Kirch gedriwen. Wien ass dat do? Wéi e Kéipchen Elend setzt dá eng arm Fra (gét méi no) Herz, zersprang mer net. - - Faustina.
- Faustina: (kuckt verstéiert op) Wie rífft mech?
- Mamm: Kennst du deng Mamm net? Kand, wat muss du gelidden hun? Komm a mein Arm, wéi démols, wéis du nach op mengem Schouss gesiess hues. Wann alles versét - der Mamm hir Léift hélt och de gresste Schmierz.
- Faustina: (ouni sech opzerichten) O Mamm, wéi gudd déit mir dein Arm. D'Hellepeng fällt mer vum Härz. Ech sin dei Kand.
- Mamm: Zum Kannerhärz kann den Herrgott kommen. Loss en an mei Kand. Net d'Wissenschaft vun der Welt, d'Herrgottsléift eleng stellt den Duscht vun denger Séil.
- Faustina: Ried weider, Mamm. Balsam ass deng Stemm, wann ech och d'Wierder net verstin.
- Mephisto: (bleiwt an der Dir ston) Hah, wat muss ech gesin. D'Duechter pinscht an der Mamm hirem Arm. Soll och em mei Loun bedruge gin? D'Mammen hun eng Wonnerkraft. Ech muss se ausarné reissen. - - - ech ^{louden} d'Klack - da léift déi Al an d'Kirch. (dämonesch grinsend of - d'Klack laut)
- Mamm: Mei Gott ass d'Nuecht schon öm? D'Klack rífft. Ech gin an d'Kirch, fir dech ze bieden, mein ärmt Kand. Gott muss der höllefen.
- Faustina: Géi Mamm, a bied, ech kann net bieden (schluckst)
- Mamm: (stélt em de Kapp) Ech woen et fir dech mei Kand (rechts of)
- Christ.: Wät ass geschitt? Ass Feier ausgebrach? D'Klack huet gelaut zou ongewéinlecher Stonn - - - A wat sötzt do? E Mönch? - wéi dout - et ass eng Fra. Mei Gott - Faustina, Herrin!

- Faustina: (sprengt op, verwirrt) Sin d'Deiwele lass?
- Christ: (erschreckt) Erschreckt dach net - ech sin et, Christopha, ech si frou, dass der rem hém komm sidd.
- Faustina: Hat ech dech net aus mengem Dingscht verweisen?
- Christopha: Dat wor neischt, ech blouf iech trei.
- Faustina: Du? dât ech an der Friemt verléchant hat?
- Christ: Dir musst dat, ech war ongelée komm. Schwätze mer dovun net méi. Dir sidd elo hei, an alles ass erem gudd.
- Faustina: Ech begreifen deng Guddhét net.
- Christ: Wât wir dann och do ze begreifen? - Ech hun iech gär, dat ass alles. (lét Lanter a Stâf nidder) an - Herrin - wann der ze leiden hut - - lauschtert: Dén Deiwel, dé mech rem hémbruecht huet, der wösst jo, dat Pârd mat de Flilekken, huet mir vun der Hell - huh (grujelt sech) Schreckleches erzielt.
- Faustina: Ech hu selwer schon dra gesin.
- Christ: Ower am Himmel wir et onbeschreiflech schéin (wichtig) Vir Uralerzeit wir hien dra gewiescht bis e mam Satan erausgefall ass an d'Hell.
- Faustina: Den Himmel - dén ass mir verspârt.
- Christ: Den Erléiser ass och fir iech gestuerwen. De Mutt net verluer. Mir kommen nach eng aner Kéier durop erem. Ech muss elo gon - d'Pflicht riff. Ech muss meng Platz versuergen, si frou, dass ech se hun. Wiem ech se verdanken wés ech net. (hölt d'Lanter an de Stâf a sét):
Courage, léif Herrin. Au revoir.
Héiert dir Hären a losst iech soen
D'Auer huet schon zeng geschloen (of)
- Faustina: (war opgestanen a bis an d'Mett matgangen)
- Schutzengel: (erschenkt) An der Friemd hues du dat gudd Kand am Stech geloss - net emol gefrot, ob et hongrech wir. Astarot huet em zu senger Platz verhollef - vum Zweck deser Handlung wölle mer ofgesin - over du muss ageston, dass en Deiwel hei besser war, wéis du. An trotzdem ass d'Christophora dir trei bliwen.
- Faustina: Wéi Schuppen fällt et mir vun den Aen. Ech wöll mech frei man, de Bond zerreißen.
- 4 Deiwel: (sprangen em d'Faustina - Engel verschwönnt)
Fitzliputzli, Astarot, Asmodi an Auerhunn
Si löschtteg Bridder, bum, bum, bum
Séf löschtteg och, du schéi Mod.
- Faustina: (wöll - edel) Fort mat iech, dir Deiwelen. Ech kennen iech an är Gesönnung.
- Mephisto: Wié jeitzt hei an d'Nuecht eran? Faustina dir? - Fort dir Dölpessen - Perlake - (d'Deiwelen sprangen an den Eck, rechts) Eng feiner Gesellschaft soll iech opmonteren a fréen.
- Faustina: Ech wösst net, wat mech nach frée könnt.
- Mephisto: Gleich sollt der et gesin. - Wat kén Deiwel kann, dat bringt e Fra-mönsch ferdeg. Quid diabolus non potest, mulier efficit. Komm, du allerschéinst Fra aus Griechenland. (Bühn donkel, Satana mat langer Schléf an Diadém hell bestrahlt)
- Faustina: Du bass - - - du bass ?
- Mephisto: Déi schéin Athéne.
- 4 Deiwelen: Hi, hi, hi, déi schéin Athéne.

Faustina: Deng Gestalt reisst mech zreck an d'Liewen. O Schéinhét, Gnodegeschenk aus dem Himmel, göttlech Offenbarung.

Schutzengel: Halt, hei ass eng Ligen aus der Hell (am Eck lenks)

Athéna: (wend sech of a kuckt an de Sall - récht dem Faustina d'Hand) Esou verwonnert, Faustina, réch mer deng Hand. Mir gi matenén an der Schéinhét Wännerland.

Faustina: Do wir also nach e Gleck ze fannen, ech muss a wöll mech dra stirzen. Matt dir, Athéne.

(weisst Licht verschwönnt an an der Donkelhét verschwannen Faustina an Athene - rout Licht)

Schutzengel: Erem vun der Hell bedrun (of)

Mephisto: Zur Hell fortgezun - an zéit anerer no an d'ewegt Hellégraft.
(bleiwt ston a lâcht onbändeg hart a wöll - an d'Deiwele mat - bis de RIDEAU zou ass)

5. A K T

(D'Nuetsklack laut - halbf donkel - dann méi kboer)

Schutzengel: (mat engem Krou) Déi arem Mamm, bei Gott ass sie nun. D'Lét òm hirt Kand huet hir d'Härz gebrach. (weist de Krou) Ech hun hir Tréine gesammelt. Ganz voll ass de Krou. Ech stellen en op d'Wo, wann dat onséilegt Kand vum ewege Richter ofgewigge get. - Do könnt d'Faustina - onglecklecht Médchen - du hues dech selwer verluer (of)

Faustina: (mat Rouse gerösch, bléch an traureg) Alles nemme Ligen a Bedrug. Mir graut viru mir selver. Schéinhét, Sessegkét, Loscht a Genoss, Aepfel mat roude Bäckchen, mais wurmstecheg all. Fonkelnde Wein a goldene Becher, mat engem Doudekapp am Fong. - Ech sin es sât, alles ekelt mech. Enner d'Féiss dir verwielegt Rousen (reisst se of), d'Bild vu menger verwielegter Séil am Kranke Kierper. - O Gott, wéi konnt ech dech verlossen. Nun sin ech vun dir verloss - - vun alle verloss - Schrecklech - Schon op deser Welt an der Hall.

Christopha: Héiert dir Leit a losst iech son
D'Auer huet elo zeng geschlon
Wann a Gottes Fridd dir schlofe gitt
Vun Engelen erwächt, dir frou opstitt

Faustina: Gottes Fridd, vun Engele bewächt

Christopha: Faustina - Dir? Wou...

Faustina: Stöll, Fro mech neischt

Christ: Dir wösst also? - dass déi lompeg Studenten ärt Hab a Gut enner den Hummer bruecht hun, an dass är arm Mamm vu Léd gestuerwen ass.

Faustina: (furchtbar erschreckt) So mer nach, dass se mech verflucht huet.

Christ: Hirt lescht Wuert war e Segen fir iech, an e Gebiét zu Gott, dass en iech rette soll.

Faustina: Sie huet mech gesént, an net verflucht. - O Mamm. Wéi grouss stét deng Léift viru mir. An ech - hun dech veruecht, verloss aus Stolz, dén hart a kal, souguer iwer Mammenhärzer schreckt an se niddertrett. O Mamm, virun dir schrompen ech op neischt zesummen. Du bass bei Gott, an ech si mat Léif a Séil des Deiwels Beut.

Christ: Dir sidd des Deiwels? Wât sod der dè?

Faustina: Ech hu meng Séil dem Deiwel verschriwen.

Christ: Ech hun an engem Buch emol eppes vun engem Mettel duergéint gelies.
- Wart, ech gin et sichen (of)

- Faustina: (fällt op d'Knéien) O Gott - ech hun dech verléchent - op dein Troun wollt ech mech setzen - an duerfir ass bei mir de Satan agezun, op de-
ser Welt schon. Kann et fir mech nach Rettung gin? Herr, get et nach
eng? Da gef mir en Zéchen.....Du schweigs? Du schweigs? O Gett, du
hues mech verstouss. (werft sech zu Buedem, d'Gesicht an den Hänn)
- Mephisto: Do leit se um Buedem ze jéimeren, wéi e Kand. Du grouse Géscht. Ass
dat dein Enn? Hé?
- Faustina: (hiewt sech) Du bass mein Enn (sprengt op) Nén, du durfs et net sin!
(leitzt) Mephisto, gef mech frei.
- Mephisto: (eiseg) Du drems
- Faustina: Verlang, wats de wölls.
- Mephisto: Just deng Séil.
- Faustina:(léisst de Kapp falen, an hir gefalten Hänn) Erbarmen.
- Mephisto: Erbarmen? Dat get et net. Ass onbekannt am Satansreich. Wann et hönnt
12 Auer schléit, ass em deng Zeit. Ech géif an denger Platz déi Stonn
nach benotzen, fir all Loscht ue schlecken, déi naech ze erréche wir.
- Faustina: Fort du Satan.
- Mephisto: A bientôt, Joffer (d'schléit 11 Auer)
- Faustina: Déi lescht Stonn fir mech. O Gott. héier mech. O Gott héier mech un.
Verstouss mech net an der Ewegkét.
- Christ: Ech hun et font, dât Wuert, dat Iech Troust ka brengen. Wéi Christi
Affer d'Welt erléist huet, sou kann jidder Séil aus Deiwelskloen er-
léist gin, wann e brâvt a gudd Härz sech affert fir si.
- Faustina: O Margareta, du Engel
- Christ: Ass dat déi, déi ech zu Parma gesin hun?
- Faustina: Sie huet fir mech de Göftbecher gedronk
- Christ: O, dat ass Hoffnung, Herrin, biet
- Faustina: Wann ech könnt.
- Christ: Probéiert, ech muss goen? (zwé Klackeschléi)
- Faustina: (entsetzt) Nach eng hallef Stonn. Erbarmen Herr. .
(wörft sech nidder)
- Mephisto + 4 Deiwelen) Kuickt emol do, do leid se nach ze jéimeren. D'Stäre wollt
s'aus dem Himmel reissen - an elo schleckt se Stöps, wéi d'Schlang aus
dem Paradeis.
- Faustina: (sprengt op a jeitzt) Stöps hun ech mei Liewe lang geschleckt durch
dech - elo gef mech frei.
- Mephisto: Wât jeitzt de sou an d'Nuecht eran? - Bannt se fest, da wéss se Beschéd.
- Deiwele: (danzten em se mat rouden Streck - roud Licht)
Faustina, preparate - Et ass eriwer - an et gét elo iewer - mat eis
an d'Flämen, déi eweg brennen fir Batan, an all, déi zou him stin.
- Faustina: (knéit) O Gott, wanns de liews, dann héier mei Gebiet. Göff mer en
Hoffnungszéchen.
- (3 Schléi op d'Klack)
- Mephisto: (diabolisch lachend) Hahaha, eng Véierelstonn nach, an da gét et an
d'Hell eran.
- Faustina: Gott, o Gott, erbarm dech menger ammer Séil .

Schutzengel: (weisst Licht) Mamm a Margaretha weiss mat Kroun a Palmen

Deiwelen: (hâlen geblennt den Arm virun d'Gesicht a brellen:)
Huh, sie gét eis verluer.

Mephisto: Wou bleiwt do d'Gerechtegkét? (Donner)

Schutzengel: Dem reiege Sönnder verzeit Gott.

SCHUTZENDEL

MAMM

MARGARETHA

FAUSTINA

Den Engel hält d'Hänn schützend iwer d'Faustina, Mamm a Margaretha
halen hir Palmen grad saou)

Engel: (feierlech) Gott huet d'Gebiet an d'Tréinen an d'Affer vun dénen zwéin
Engelen elei verbonnen mam Leiden a Stirwen vu sengem léiwen Son, erhéiert.
Komm Faustina, rou a Gottes Fridden.

12 Klackeschléi

SATANA

ENGEL

SALOME

MEPHISTO

MAMM

MARGARETHA

1 2 3 4 Deiwel

FAUSTINA

CHRISTOPHA

HERZOGIN